

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng erweidert parlamentaresch Fro Nummer 93 huet den Här Energieminister den 19. Mee geäntwert, datt mir déi nächst 10 bis 15 Joer an Europa Äerdgas als Réckversécherung fir déi volatil, ëmwandelbar Energië brauchen an datt dat europäesch Gaaskraaftwierknetz entsprechend ausgebaut ass. An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 4219 vum honorablen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo schreiwen den Här Energieminister, den Här Finanzminister an d'Madamm Ëmweltminister iwwert den Äerdgas an der europäescher Taxonomie awer Follgendes: "*Tout au long des négociations, le Ministère des Finances, en bonne coopération avec le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement Durable et le Ministère de l'Energie et de Aménagement du territoire, s'est engagé pour une taxonomie ambitieuse et crédible [...] Pour garantir la crédibilité de la taxonomie, le Luxembourg a plaidé pour que des sources d'énergie telles que le gaz naturel et l'énergie nucléaire et les activités y liées, ne puissent en aucun cas être qualifiées de « durables » au sens de la taxonomie*".

Am nämmechte Sënn schreiwen déi dräi Ministeren och an der Äntwert op d'Fro Nummer 4140 vum honorablen Deputéierten Här François Benoy: "*Quant à l'inclusion du gaz naturel et du nucléaire dans la taxonomie, le gouvernement a communiqué à de multiples reprises à la Commission européenne son opposition à une telle inclusion, aussi bien oralement lors de nombreuses réunions de consultations que par écrit*".

An der nämmechter Fro mécht d'Regierung allerdéngs och op en anere, ganz wichtege Probleem, nämlech d'Sécherheet fir Investoren opmierksam: "*Le cadre général de la taxonomie a, quant à lui, été défini dans le règlement de la taxonomie du 18 juin 2020 (Règlement (UE) 2020/852 du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2020 sur l'établissement d'un cadre visant à favoriser les investissements durables et modifiant le règlement (UE) 2019/2088). Les fonds d'investissement peuvent ainsi d'ores et déjà intégrer ces critères dans leur stratégie d'investissement*".

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Gesäit d'Regierung e Widdersproch doran, fir engersäits nach 15 Joer op Äerdgas als Energiequell ze setzen, wann si en haut schonn aus der Taxonomie wëll sträichen?

- 2) Gesäit d'Regierung an dëser Politik d'Gefor, datt den Ureiz fir déi néideg Investissementer an d'Äerdgasinfrastruktur ewechgeholl gëtt? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Énergie et de  
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 9 juillet 2021

**Service central de législation**  
**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n° 4491 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4491 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Énergie,

Claude Turmes

Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°4491 vum 14 Juni 2021 vum éirewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwer "Taxonomie concernant le gaz naturel"

**1) Gesäit d'Regierung e Widdersproch doran, fir engersäits nach 15 Joer op Äerdgas als Energiequell ze setzen, wann si en haut schon aus der Taxonomie wëll sträichen?**

D'Taxonomie soll reservéiert si fir déi Energiequellen, déi mer besonnesch wëllen fërderen, wéi d'erneierbar Energien, a net fir d'fossil Energien wéi Gas. Des wärt et wuel an Zukunft nach am Energiemix gin, esou wéi ech dat an der mëndlecher Äntwert op d'Fro Nr. 93 och gesot hun. Als Regierung wëlle mir dës Energieform awer nët méi direkt subventionéieren oder hir e Virdeel gin iwwer d'Taxonomie.

**2) Gesäit d'Regierung an dëser Politik d'Gefor, datt den Ureiz fir déi néideg Investissementer an d'Äerdgasinfrastruktur ewechgeholl gëtt? Falls net, firwat net?**

Etüden weisen, datt et an der EU eng sécher a resilient Äerdgasversuergung gëtt an datt et keng Noutwendegkeet gët, den Ausbau dovun weider finanziell ze ennerstetzen.

Dës Positioun ass iwweregens rezent vun den 27 EU-Ministeren am Dossier TEN-E (Finanzéierung vun transnationalen Energieinfrastrukturen) esou festgehalten gin. All Suen aus dem EU-Fong sollen elo op den Ausbau vun de Stroumnetzer, beispillsweis och am Nordmier fir grouss Off-shore-Wandparken unzeschléissen, genotzt ginn.